PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/08/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

Säit dem 02.01.2013 gëtt et am Réidener Kanton de Beki, eng regional Wärung mat der een a ronn 100 Geschäfter am Kanton akafe kann. De Beki sollt 2021 och an digitaler Form zougänglech gemaach ginn. Et kann een 100€ fir 103 Beki antauschen. 2018 huet d'Steierverwaltung d'Circulaire 14/5- 99/3- 99bis3 publizéiert, an der d'Besteierung vum Revenu aus Kryptowärunge festgehale gëtt. Kryptowärunge ginn als "biens incorporels" betruecht an deementspriechend besteiert.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Gëtt de Revenu aus Beki besteiert?
    - Falls jo, gëtt de Revenu aus Beki d'selwecht besteiert wei de Revenu aus Kryptowärung?
    - Falls nee, firwat net?

2. Wéi vill Persoune goufen d'lescht Joer op Grond vu Revenu aus Kryptowärung besteiert?
   Wéi vill Persoune goufen d'lescht Joer op Grond vu Revenu aus Beki besteiert?

3. Am Fall vum Beki hunn d'Betriber aus der Regioun decidéiert, beim Projet Beki matzemaachen. Kéint nom selwechte Modell och eng Kryptowärung fir den Akaf vu Wuere genotzt ginn, wann d'Betriber dëst wënschen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député